PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht, Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

Op RTL.LU ass haut op der Haaptsäit ze liesen, dass d'Infirmiersschüler, déi wärend der Coronakris iwwert een CDD vum Staat agestallt goufen, fir ze hëllefen, hiere Kontrakt gekënnegt kruten. De Gesondheetsministère huet erkläert, datt d'Aarbechtskontrakter fräiwëlleg vum LTPS gekënnegt goufen, well d'Schüler nach hier Formatioun ofschléisse missten an deemno hier Stagen misste fäerdeg maachen, fir d'Joer ze packen. Den LTPS huet zur selweschter Zäit ee Mail u seng Schüler geschéckt, wou rieds dran ass, dass den LTPS keen Afloss op d'Decisioun hat, well déi vum Ministère koum.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Déi Dammen an Häre Ministeren: wéi eng vun deenen zwou Versiounen entsprécht der Wourecht a firwat sinn d'Aussoen vu béiden Instanzen kontradiktoresch?

2. Op Grond vu wéi engen Dispositioune kann een Employeur ouni den Accord vum Employé een CDD virum Enn vun der Frist einfach esou kënnegen?

3. Wäert d'Regierung de d'Schüler, déi hier Zäit, Aarbecht a Gesondheet fir d'Wuel vun der Bevëlkerung agesat hunn, ob mannst d'Indemnisatiounen, déi hinnen bis de 29te Mee zoustoungen, ausbezuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (08.05.20)

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch an vun der Madame Gesondheetsministesch Paulette Lenert op d'parlamentaresch Fro n°2172 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

Eng ganz Rei vu Studenten vum Lycée technique pour professions de santé (LTPS) goufen am Kader vun der aktueller Krise ronderëm de COVID-19 mat engem Zäitkontrakt an d'Réserve sanitaire des professions de santé affektéiert.

En CDD hällt de plein droit um Enn vum Kontrakt op oder kann pour faute grave résiliéiert gin, respektiv d'un commun accord opgeléist gin.

Well d'Aktivitéiten an de Schoulen haut Méindeg 11. Mee nees ufänken, kruten d'Studenten iertümlecherweis eng Mail fir hinnen matzedeelen, datt hir Kontrakter missten opgeléist ginn.

Op Décisioun vun den zoustännege Ministeren lafen dës Kontrakter weider bis zum Zäitpunkt, deen ursprénglech virgesinn war, d. h. bis de 29. Mee 2020. Esou laang leeft och d'Indemnisatioun vun de Studente weider. Dovu betraff sinn d'Studenten aus folgenden Léiergäng:

**Spécialisations infirmiers** :

1ère année d'études infirmier en anesthésie et réanimation (B1SA)

2e année d'études infirmier en anesthésie et réanimation (B2SA)

1ère année d'études infirmier psychiatrique (B1SY)

2e année d'études infirmier en Pédiatrie (B2SP)

**Formations initiales** :

3ème année d'études de l'infirmier responsable de soins généraux (B1SI)

1ère année d'études sage-femme (B1SF)

2e année d'études sage-femme (B2SF)

3ème année d'études sage-femme (B3SF)

2e année d'études assistant technique médical de Radiologie (B2SR)

3ème année assistant technique médical de Radiologie (B3SR)

D'Studenten maachen hir Stagen am "Enseignement clinique" sou wéi geplangt an op deene Plazen, wou sie elo sinn; dobäi gëllen déi normal Objektiver vum "Enseignement clinique" weider. Sie gi vun den Gesondheetsberuffler vum Terrain an vun den Enseignanten aus dem LTPS encadréiert, sou datt sie hir Formatioun normal kënne weidermaachen an déi Kompetenzen léieren ëmzesetzen, déi am Formatiounsprogramm stinn.

Iwwert de Weekend sinn d'Studenten per Mail doriwwer informéiert ginn.

Déi zoustänneg Ministeren soen de Studenten een ausdréckleche Merci fir hir virbildlech Aarbecht an hiren Asaz am Déngscht vun der Allgemengheet.